# Coupe Patrick Riehl 2024



Och dëst Joer huet de Flyfishing Club zum Gedenken un eise vill ze fréi verstuerwenen Member de Patrick Riehl eist Frëndschaftsfëschen ausgedroen. Nodeems de Yannick d´lescht Joer versehentlech d´Fesch Alleguerten an dee klénge Weier agesat hat a mir eis duerno hu missen iwwerleeën ewéi mir géifen eist Frëndschaftsfëschen organiséieren, hate mir eis iwwerluecht d´Equipen esou anzedeelen dass ëmmer nëmmen Ee pro Equipe konnt fëschen mee dass d´Fescher ënnert enee konnten esou oft wiesselen ewéi Se dat wollten. Dës Aart a Weis fir d´Coupe auszefeschen hat eis net nemmen gutt gefall mee war och dem Charakten vun engem richtegen Frëndschaftsfëschen wierdeg, hunn dach déi zwee Fëscher pro Equipe misse mateneen ausmaache Wien sollt fëschen.












1945





Um néng Auer hate mir eis beim Yannik getraff an no der obligatorescher Taass Kaffi sollt et zum éischten Héichpunkt kommen, d´bezuelen, natierlech huet do eisem Caissier säin Häerz gegluckst mee u sech hat ech gemengt d´Auslousung vun den Equipe. Ei ei ei déi Eng ware frou déi Aner hu geknoutert mee gestëppelt hunn se Alleguerten. Dat gemaach ass et un d´Staangen montéiere gaangen. Och do konnt een direkt gesi wou déi richteg Concoursfëscher sinn, hate Sie da schonn direkt ee puer Staange montéiert an och u Faarwe bei de Mécke war net gespuert ginn. Dunn konnt et also lass goen, des Kéier war de Jemp eisen Tutebatti an Hien huet och d´Plazen agedeelt wou déi jeeweileg Equipe sollt fëschen. Ee kuerze Briefing vum Patrick wou souwisou Keen no gelauschtert huet a scho waren eis Fëscher am gaangen.









No zwou Stonne knallhaarden Asaz ass et dunn zum zweeten Héichpunkt komm, nämlech zu der Choucroute. Hei huet een du gutt konnte gesi wou déi wierklech Stäerkte vun eise Fëscher leien an ech kann Iech soen och wann d Mëttespaus nach puer Stonne méi laang gedauert hätt wären eis Fëscher awer eréischt de leschte Moment opgestanen fir sech fuerchtbar gestresst erëm bei d´Waasser ze beginn. Na ja gutt gesiedegt waren se jiddwerfalls Alleguerten an Duuscht hat och Keen gelidden. Nom iessen ass dunn och nach eng Kéier zwou Stonne gefëscht ginn an et ass heibäi och dëst Joer erëm ee schéinen Hiecht gefaange gi vum Alain.














An duerno ass et zum drëtten Héichpunkt komm, der Präisverdeelung. Eis Fëscher haten sech Alleguerte gutt dru ginn esou dass eise President Sie duerfir nëmme luewe konnt. Hien huet sech erfreet gewisen dass all Equipe ee puer Fësch konnt fänken och wann ee soe muss dass dëst Joer net esouvill Fësch gefaange ginn si ewéi mir gehofft haten an awer war eng Equipe richteg staark a konnt haut la main gewannen, woubäi mir bei de Resultater wären.

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 1. | Plaz | Equipe Marc Duton / Marc Buso | 16 Fesch | 830 Pkt. |
| 2. | Plaz | Equipe Joé Bartholmé/Parick Bertrand | 7 Fesch | 378 Pkt. |
| 3. | Plaz | Equipe Marco Montalto/ Jemp Hoffmann | 6 Fesch | 315 Pkt. |
| 4. | Plaz | Equipe Alain Schaal / Luca Lepage | 6 Fesch | 314 Pkt. |
| 5. | Plaz | Equipe Gérard Bertholet / Patrick Bartholmé | 5 Fesch | 252 Pkt. |
| 6. | Plaz | Equipe Sedat Asani / Dan Muno | 4 Fesch | 209 Pkt. |







Ofschléissend well ech awer nach eppes lass ginn, mir hunn deemools eist Fréndschaftsfëschen an d´Liewen geruff fir eng zousätzlech Aktivitéit an eisem Programm ze hunn, an nodeems eise

Fëscherkomerod de Patrick kuerz virdrun onerwaart vescheed war hu mir Him zu Éieren d´ Frëndschaftsfëschen Coupe Patrick Riehl genannt. An Tëschenzäit sinn awer och nach aner Fëscherkomeroden vun eis gaangen déi mir net manner vermessen ewéi de Patrick duerfir wäert ech dann an Zukunft och ëmmer schreiwen d´Coupe Patrick Riehl zu Éiere vun eise verstuerwenen Memberen. Dat gesot hoffen ech dass mir eis bei eiser Generalversammlung erëm gesinn déi elo usteet a wou eis Memberen kennen d´Aarbecht vun eisem Comité guttheeschen oder kritiséieren, egal wéi Haaptsaach Dir sidd zuelräich uwiesend.



















